Budgetsried – Budget 2021

Pierre Gramegna, 14.10.2020

„E Budget vun der Solidaritéit an vun der nohalteger Relance.“

Seul le discours prononcé fait foi

Struktur vun der Ried

ALEEDEND WIEDER 3

I. GESONDHEET GARANTÉIEREN, VERTRAUEN SCHAFEN AN SOLIDARITÉIT GROUSS SCHREIWEN 8

A. GESONDHEET GARANTÉIEREN 8

B. VERTRAUEN SCHAFEN 11

1. Chômage partiel 13

2. Fonds de relance et de solidarité 14

3. Staatsgarantien an Prêten 15

4. Reports fiscaux / Remboursement TVA 16

5. Abattement fiscal loyers 17

C. SOLIDARITÉIT GROUSS SCHREIWEN 18

1. Nationalen Kontext 18

2. Europäeschen Kontext 19

II. D'PRIORITÉITEN VUM BUDGET 2021 22

A. INVESTISSEMENTER 22

1. D'Investissementer 2020 24

2. D'Investissementer 2021 25

B. SOLIDARITÉIT 25

1. Investissementer fir d'Solidaritéit 25

a) Gesondheet 26

b) Sozial Kohesioun 27

2. Steiermesuren am Sënn vun der Solidaritéit 29

a) Régime fiscal vun de FISen ... 29
C. LOGEMENT: ... 30
1. Investissementer fir de Logement ... *30*
2. Steiermesuren fir d'Logementsproblematik unzegoen ... *32*
a) Erofsetzen vum taux d'amortissement accéléré ... 32
b) Seuilen op energetesch Renovatiounsaarbechten ... 33
D. NOHALTEGKEET ... 33
1. Investissementer am Sënn vun der Nohaltegkeet ... *33*
a) Mobilitéit ... 34
b) Klima ... 36
2. Steiermesuren fir d'Nohaltegkeet: ... *37*
a) CO2 Steier ... 37
b) D'Finanzplaz als Vecteur fir d'Nohaltegkeet ... 39
E. KOMPETITIVITÉIT ... 41
1. Investissementer am Sënn vun der Kompetitivitéit ... *41*
2. Steiermesuren am Sënn vun der Kompetitivitéit ... *44*
a) Stock-options, régime impatriés an prime participative ... 44
III. D'ZUELEN VUM BUDGET 2021 ... 47
A. MAKROEKONOMESCHEN KONTEXT ... 47
B. HAAPTAGREGATER 2021 ... 49
1. Dépensen ... *49*
a) D'Dépensen fir 2020 ... 49
b) D'Dépensen fir 2021 ... 50
2. Recetten ... *51*
a) D'Recetten fir 2020 ... 52
b) D'Recetten fir 2021 ... 52
3. Solde vun der Administration centrale ... *54*
C. SOLDE VUN DER ADMINISTRATION PUBLIQUE ... 56
1. Administrations locales / Gemengen ... *56*
2. Sécurité Sociale ... *57*
3. Administration publique ... *57*
IV. DE BUDGET LAUT DEM COMPTABILITÉITSGESETZ ... 61
V. STAATSSCHOLD ... 63
CONCLUSIOUN ... 67

Aleedend Wieder

Här President,

Léif Regierungskollegen,

Dir Dammen an Dir Hären,

Wéi ech virun engem Joer, genau op deen Dag, de Budget fir d'Joer 2020 hei presentéiert hunn, **konnt nach keen déi aktuell Kris ahnen, a scho guer net virausgesinn**.

Keen hätt sech kënne virstellen, dass d'Welt an hirer Globalitéit esou zum Stëllstand an zum Otem unhalen kéim ewéi duerch déi Pandémie mat där mir elo schonns säit Mäerz liewe mussen.

Dëst ass also **keng Budgetsried ewéi eng aner**. Well dëst ass kee Joer wéi een anert, an och 2021 wäert keen normaalt Joer ginn.

D'Regierung huet säit dem Ufank vun der Kris Décisiounen geholl, déi net einfach, awer néideg waren. Si waren néideg fir d'Gesondheet vun de Leit, fir d'Ekonomie an fir d'Land ze schützen. Mir hunn net gezéckt. Mir hunn den Sérieux vun der Situatioun erkannt an mir hunn deementspriechend gehandelt. D'Oppositioun huet och do oft matgespillt, an dat ass e gutt Zeechen fir ons Demokratie.

Déi gutt Ausgangspositioun bei de Staatsfinanzen huet och gehollef. 2018 konnte mer mat engem Iwwerschoss vun 528 Milliounen Euro ofschléissen. 2019 mat engem Plus vun 60 Milliounen Euro. **Lëtzebuerg ass mat gesonde Staatsfinanzen an di Kris hei eragaang**.

Et ass och net wéi wann d'Land nach ni op d'Ausleefer vun enger externer Kris hätt missen reagéieren. D'Finanz a-Wirtschaftskris vun 2008 ass eis all nach présent. Wéi ech 2013 Finanzminister gi sinn, waren d'Nowéien dovunner nach gutt ze spieren, an et war meng éischt Prioritéit d'Staatsfinanzen rëm an den Equiliber ze bréngen.

Eng Kris ass ëmmer och de Moment fir sech selwer ze hannerfroen. No der Kris vun 2008 huet sech déi international Steierlandschaft grondleeënd verännert.

D'Regierung Bettel I huet **d'Zeeche vun de Zäit erkannt**, an huet sech konsequent dorunner gemaach, d'Finanzplaz nei auszeriichten, an den Image vum Land, deen international schwéier gelidden hat, erëm ze verbesseren.

Lëtzebuerg huet sech den internationalen Standarden ugepasst an **resolut op Steiertransparenz gesat**. Aus enger defensiver Positioun eraus ass Lëtzebuerg zu engem proaktiven Verhandlungspartner ginn, an zu engem Land wat international Haut zu de gudde Schüler zielt.

Dozou gehéiert net nëmmen, dass Lëtzebuerg grouss Reformenpäck wéi ATAD a BEPS mat verhandelt an zäitno ëmgesat huet, mä och, dass mer heiheem **mat enger Rei Praktiken opgeraumt** hunn an einfach net méi ze vertriede waren.

Ech kann mech gutt erënneren, dass net jiddereen heibannen vun dëse Reformen iwwerzeegt war. Mä mir gesinn Haut, dass et déi richteg Décisioun war, an dës Neiausriichtung der Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg net geschuet, mä au contraire genotzt huet. Eis Finanzplaz ass am neie Klassement vum Global Financial Centres Index, déi éischt vun der EU.

Och déi heiteg Kris wäert Changementer mat sech bréngen. An och dës Kéier wäert Lëtzebuerg et fäerdeg bréngen, ze anticipéieren, sech unzepassen, a gestäerkt aus der Kris erausgoen.

An deem Sënn presentéieren ech Haut zesummen mam Budget eng Rei Steiermesuren. Mesuren, déi d'Méiglechkeet vun Abusen, déi meng Virgänger agefouert haten, definitiv ofschafen. Des Mesuren ware schonn am Koalitiounsaccord virgesinn, mä d'Kris huet se awer nach vill méi néideg gemaach. Sou Abusen sinn an där Kris, ewéi mir se lo erliewen, de Leit och definitiv net méi vermëttelbar.

D'Steierpolitik vun dëser Regierung steet net alleng fir Transparenz, mä och fir Gerechtegkeet. Mir hunn 2017 eng Steierreform op de Wee bruecht, déi grad deene sozial Schwaachen an de Mëttelschichten spierbar Kafkraaft erëmginn huet. Mir hunn dee Moment och den sozial gerechten Crédit d'Impôt agefouert, en Instrument deem säin wäertvollen Charakter sech am aktuelle Kontext rëm bestätegt.

Elo, matten an der Kris, ass **net de Moment fir eng generell Steierreform** ze maachen. Et ass och **net de Moment fir Steiererliichterungen**. Et ass **awer scho guer net de Moment fir Steiererhéijungen**.

Ech wäert haut eng Rei cibléiert Mesure virstellen, déi sozial, gerecht, transparent an nohalteg - an dofir grad elo sënnvoll sinn. Et si Mesuren, déi kohärent sinn mat de Prioritéiten vum Budget 2021, deen ech de Moien presentéieren wäert.

Fir de Kader richteg ze setzen, well ech fir d'éischt awer drop zréckkommen, wéi Lëtzebuerg bis ewell op d'Pandémie reagéiert huet (1).

Duerno wäert ech op d'Prioritéiten vum Budget 2021 agoen, an op déi verschiddenen Steiermesuren, déi sech doranner areien (2).

Als drëtte Punkt wäert ech dann d'Haaptagregater vum Budget presentéieren (3).

Zu gudder Lescht wäert ech kuerz op d'Zuelen no de Regelen vun der Lëtzebuerger Comptabilitéit agoen (4).

an dann meng Ried ofschléissen mat engem Kapitel iwwert d'Staatsschold (5).

Ech kommen dann elo zu deem wat bis elo ënnerholl ginn ass fir d'Kris am Grëff ze behalen an wat parallel gemaach gëtt fir esou gutt et geet aus dëser Kris erauszekommen.

Ech verbréngen dëst Joer méi Zäit mat dem lafenden Budget - dem Budget 2020 -, well d'Executioun wéinst der Pandémie jo net konnt geschéien wéi geplangt.

Dat 1. Kapitel also: "Gesondheet garantéieren, Vertrauen schafen an Solidaritéit grouss schreiwen".

I. Gesondheet garantéieren, Vertrauen schafen an Solidaritéit grouss schreiwen

A. Gesondheet garantéieren

Wéi d'Regierung den Confinement beschloss huet, war se sech bewosst, dass dat alleng net géing duergoen fir d'Gesondheet vun den Leit ze garantéieren.

Wéinst de steigenden Infektiounszuelen huet missten schnell dat néideg Material ugeschaaft, an déi néideg Infrastrukturen en Place gesat ginn, fir op all Eventualitéit virbereet ze sinn.

Dofir gouf eegens eng "Cellule Logistique" geschaf, déi fir all logistesch Froen zoustänneg wär.

Et ass dorëms gaangen genuch Masken fir d'Pflegepersonal an fir d'Populatioun erbäizekréien. Mir hunn et fäerdeg bruecht un all Résident an un all Frontalier 50 gratis Masken ze verdeelen. Alleng dat huet 13,7 Milliounen Euro kascht. Lëtzebuerg ass dat Land an der EU, wat op de Kapp am meeschten investéiert huet, fir mat Zäit, genuch Masken erbäizebréngen.

Et sinn "Centres de soins avancés" ageriicht ginn fir d'Leit kënnen ze emfänken.

Beim Centre hospitalier ass een Militär-Spidols-Zelt ageriicht ginn fir, fir den Fall wou d'Spideeler un d'Limite vun hire Capacitéite komm wären.

Kolpech ass ëmgebaut ginn fir den Traitement vun Covid-Patienten.

25 Joer nom Akraafttrieden vum Traité vun Schengen ass an deem Moment keen flott Kapitel vum grenziwwerschreidenden Versteesdemech geschriwwen ginn.

D'Regierung huet also décidéiert dem Fleegepersonal, wat oft iwwer d'Grenz wunnt, an hiren Famillen, Logementer zur Verfügung ze stellen fir hinnen ze erlaben hei am Land ze bleiwen.

Gläichzäiteg gouf eng Réserve sanitaire opgestallt, am Fall wou den Fleegepersonal u senge Limite géing kommen. Ronn 1500 "Professionnels de santé" hunn sech an deem Kontext gemellt.

Och aner Berufssparten, déi essentiell sinn fir d'Grondversuergung am Land, waren Dag an Nuecht am Asaz. A si sinn et haut nach, well d'Kris ass nach net eriwwer. Ech wëll op dëser Plaz all deenen Leit e groussen Merci soen fir hiren exzeptionellen Engagement.

D'Zil vun dem Confinement war, dat exponentiellt Uwuessen vun den Infektiounszuelen ze briechen. Dat ass gelongen, mä zu engem héije Präis fir eis Wirtschaft an d'Gesellschaft am Allgemengen.

D’Regierung huet sech also eng Strategie ginn, progressiv aus dem Confinement an dem partiellen Zoumaachen vun der Économie, erauszekommen. Dëst ass no Aktivitéitssecteur geschitt, an op Basis vun enger Teststrategie. Et ass an deem Kontext wou den 1. Large Scale Testing duerchgefouert ginn ass. Hei, wéi bei dem Uschafen vun de Masken, huet Lëtzebuerg par rapport zum Ausland gutt anticipéiert.

D’Regierung huet fir all déi Mesuren eng 240 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt. Bis elo sinn der dovunner 160 Milliounen gezunn ginn.

Dëser Deeg leeft een 2. Large Scale Testing un, deen nach méi cibléiert funktionéiert. Dir hutt am Summer dofir hei an der Chamber eng 2. Enveloppe vun ronn 60,7 Milliounen Euro à l’unanimité gestëmmt.

Aus dem Confinement erauskommen, war net nëmmen wichteg fir d’Leit an d’Kanner, déi vill hunn missten op sech huelen fir sech un d’Regelen ze halen.

Et war och essentiell fir eis Ekonomie!

Dofir war et fir d'Regierung essentiell, Vertrauen ze schafen, fir dass d'Ekonomie rëm ulafe konnt.

B. Vertrauen schafen

Vertrauen, dat ass eng Notioun déi am alldeeglechen Liewen net ewech ze denken ass.

Vertrauen verschaaft den néidegen Driff fir weider ze maachen.

Genau dat hat d'Regierung am Sënn wéi si den 25. Mäerz den gréissten Stabiliséierungspak an der Geschicht vun eisem Land presentéiert huet.

Dëse Pak hat ee Volume vun 10,4 Milliarden Euro oder 17,5% vun eisem PIB. Et war ee vun deene generéisten Päk an Europa.

De Message war kloer: "Dir sidd net alleng an mir maachen alles fir Iech esou gutt et geet ze hëllefen!" Déi éischt Prioritéit war, dofir ze suergen, dass d'Liquiditéiten an de Firme bleiwen, fir dass si weider funktionéieren, an d'Aarbechstplazen erhale ginn.

Am Stabiliséierungspak waren eng 36 Mesuren virgesinn déi 12 verschidden Themeberäicher ofgedeckt hunn.

D'Regierung huet den 20. Mee nach eng Kéier nogeluecht, mam "Neistart Lëtzebuerg". 23 zousätzlech Mesuren, an Héicht vu ronn 800 Milliounen Euro, hunn den **Gesamtvolume vun direkten Dépensen** fir Hëllefen op 3 Milliarden Euro bruecht, wat 5,1% vum PIB sinn.



De Gesamt-Volumen vum Stabiliséierungspak (direkt an indirekt Dépensen) ass domat op 11,2 Milliarden an d'Luucht gaangen, wat 18,5% vum PIB entsprécht.

Ech wëll elo net op all déi Mesuren agoen, mee awer kuerz op déi Wichtegst.

1. Chômage partiel

Eng vun den Haaptmesuren ass sécherlech den Chômage partiel pour cas de force majeure, deen direkt am Confinement décidéiert ginn ass, an net réischt um Schluss vum Mount, mä am Virfeld ausbezuelt ginn ass.

Um Pic vun der Kris hunn 158.000 Salariéen vum Chômage partiel profitéiert.

Den Staat huet hei 80% vun den Salairen iwwerholl. Bei de Salariéeën, déi den Mindestloun kréien, huet den Staat esouguer 100% iwwerholl. Sou gouf d'Kafkraaft, grad vun deene Leit mat méi klengem Akommes, effektiv geschützt.

All Secteuren déi vun der Kris betraff waren, konnten dorop zréckgräifen.

Nom Confinement, ass de System rëm an den “Chômage partiel conjoncturel basculéiert”, an zousätzlech gouf de “Chômage partiel structurel an simplifié” agefouert, fir Secteuren déi besonnesch gelidden hunn.

Fir de Chômage partiel sinn an dësem Joer 1,3 Milliarden Euro virgesinn. A bis haut sinn dovunner 870 Milliounen Euro ofgeruff ginn.

2. Fonds de relance et de solidarité

Mir hunn een Fonds de relance et de solidarité geschaf, fir deen 200 Milliounen Euro virgesi sinn. Hei ass et dorëms gaangen déi Secteuren ze ënnerstëtzen déi eréischt spéit aus dem Confinement komm sinn (Restauranten, Caféen, Hotellen, den Tourismussecteur am allgemengen an den Evénementiel) an déi wéinst den hygienesche Regelen an de "gestes barrières" weider impaktéiert sinn.

Deen Fonds de relance erlaabt de Betriber aus deenen Secteuren, egal wéivill Salariéen se hunn, 6 Méint laang eng direkt Hëllef fir hier Perte vum Chiffre d'affaires, déi mindestens 25% héich muss sinn, ze kompenséieren. Am Budgetsgesetz fir 2021 gëtt confirméiert, dass all des Hëllefen steierfräi sinn.

D'Europäesch Commissioun huet gëschter annoncéiert, dass den Temporary Framework, also den europäeschen Kader fir déi national Hëllefspäk, bis Juni 2021 verlängert an deelweis erweidert gëtt.

Mir wäerten déi Décisioun elo analyséieren fir ze kucken wéi wäit se ons erlaabt en Deel vun den Hëllefen, an den ugeduechten neien Mesuren, zousätzlech zum Chômage partiel, bis an d'nächst Joer cibléiert weiderzeféieren.

Wann d'Detailer feststinn, wäert de Budget - wann néideg - entspriechend ugepasst ginn.

3. Staatsgarantien an Prêten

D’Regierung huet direkt um Ufank vum Confinement mat den Banken en Accord ausgehandelt, wat Moratoiren a Prêten un d'Entreprisen ubelaangt.

Op där Basis gouf den 18. Abrëll d'Garantie-Gesetz gestëmmt, wat de Banken erlaabt den Entreprisen zousätzlech Prêten ze accordéieren, bei deenen de Staat 85% vum Risiko dréit. An dat zousätzlech zu de Mesuren vun den Mutualitéiten, der SNCI, dem Office du Ducroire an der Europäescher Investitiounsbank.

An Zuelen hunn déi Mesuren sech esou reflektéiert:

- 2,5 Milliarden Euro, wat d’Garantien fir d’Prêten vun de Banken un d’Entreprisen ubelaangt.
- 630 Milliounen um Niveau vun der SNCI.
- 500 Milliounen um Niveau vum Office du Ducroire.

Alles an allem mécht dat ronn 3,6 Milliarden Euro aus.

4. Reports fiscaux / Remboursement TVA

Ganz wichteg, fir d'Liquiditeiten an den Entreprisen ze halen, sinn d'Reporten. Sou ass décidéiert ginn, a punkto direkt Steieren de Contribuablen d'Méiglechkeet ze ginn, d'Avancen fir déi zwee éischt Trimesteren vun dësem Joer ze annuléieren an den Délai ze verlängeren fir d'Steiererklärung ofzeginn.

Op einfach Ufro huet d'Steierverwaltung och Délais de Paiement accordéiert. Op den 31ten August 2020, huet de Staat opgrond vun dëser Mesure Ausfäll vun 222 Milliounen Euro verbucht.

Gläichzäiteg goufen d'Remboursementer acceleréiert, fir den Entreprisen Liquiditéiten erëmzeginn. Tëschent Januar an August 2020 loungen déi bei 1,25 Milliarden, wat eng Erhéijung vun +11,4% par rapport zu 2019 bedeit. Eleng am Mäerz an Abrëll, um Héichpunkt vum Confinement, loungen d'TVA Remboursementer bei 460 Milliounen Euro, wat enger Hausse vun +79% par rapport zum läschte Joer zur selwechter Zäit entsprécht.

Dann parallel ass e Report vun den Cotisations sociales décidéiert ginn vun 3 Milliarden Euro. Dovunner sinn 165 Milliounen Euro tëscht Mäerz a Juni effektiv reportéiert ginn.

5. Abattement fiscal loyers

Aus der selwechter Idee, fir d'Liquiditéiten an de Firmen ze loossen, gouf décidéiert den Propriétairen en Abattement fiscal vun bis zu 15.000 Euro ze accordéieren, am Fall wou se hiren Locatairen géingen eng Partie vun hirem Loyer erloossen. Mam Budget 2021 wäert de Kader fir dës Mesure **gesetzlech verankert** ginn.

Dat sinn also alles an allem considérabel Mesuren déi Vertrauen geschaf hunn, an den Betriber gehollef hunn dës schwiereg Zäit ze iwwerbrécken.

Dat ass och en Zeechen vun Solidaritéit par rapport zu den Entrepreneuren, déi vill op sech huelen, fir hire Leit eng sécher Aarbechtsplaz ze garantéieren.

C. Solidaritéit grouss schreiwen

1. Nationalen Kontext

Wann mir den Betriber hëllefen, dann hëllefen mir och den Leit. Aarbechtsplazen erhalen heescht och den Leit Sécherheet ginn.

Eng vun den groussen Solidaritéitsmesuren am Kader vun dëser Pandémie ass och den Congé pour raisons familiales, deen Elteren gehollef huet, well Schoulen, Maisons Relaisen an Crèchen jo zou waren.

An der Praxis huet deemno d'Gesondheetskees den Entreprisen de Salaire rembourséiert, fir hinnen ze hëllefen den Leit hiren Salaire weider ze bezuelen.

Fir dës Mesure, goufen bis Mëtt September ronn 230 Milliounen Euro débourséiert.

Deen Congé war partie intégrante vum Stabiliséierungspak. Am "Neistart Lëtzebuerg" ass dann nach den Congé pour soutien familial derbäi komm.

Eng weider wichteg Mesure, ass d'Verduebelen vun der Allocation de vie chère, fir ee Käschtepunkt vun 45 Milliounen Euro.

All dës Mesuren erklären natierlech firwat d'Konten fir 2020 e ganz groussen Defizit opweisen, wéi mir dat am 3ten Deel vun menger Ried wäerte gesinn.

Solidaritéit heescht och europäesch Solidaritéit!

2. Europäeschen Kontext

D'Regierung huet **net nëmmen op nationalem Plang** reaktiounsschnell efficace Mesuren ëmgesat, mee huet sech selbstverständlech och op EU-Niveau dofir agesat, dass eng gemeinsam Äntwert op d'Kris, am Numm vun der europäescher Solidaritéit, géif fonnt ginn – **an dat mat Succès**.

Den éischte Schrëtt hunn d'Finanzminister am Abrëll gemaach, wéi si en Hëllefspak an Héicht vun 540 Milliarden Euro décidéiert hunn deen op dräi Pilieren berout:

1. engem **Sécherheetsnetz fir d'Aarbechter an der Unioun**, dat sougenannte SURE Instrument („Instrument for temporary Support to mitigate Unemployment Risks in an Emergency"), iwwert dat de chômage partiel an den eenzelne Memberstaate ka finanzéiert ginn,

2. engem **Sécherheetsnetz fir déi europäesch Entreprisen** a Form vun engem Fong dee bei der europäescher Investitiounsbank (BEI) opgeluecht gëtt an iwwert dee kleng a mëttelstänneg Firmen queesch duerch Europa Finanzsprëtzen kënne kréien fir besser duerch d'Kris ze kommen,

3. **engem Sécherheetsnetz fir d'Memberstaate selwer**, dat d'Form vun enger Kreditlinn mat ganz schwaacher Konditionnalitéit beim europäesche Stabilitéitsmechanismus (ESM) um Kierchbierg unhuele wäert.

D'Regierung ass houfreg ze gesinn dass zwou Institutiounen déi hire Sëtz zu Lëtzebuerg hunn, **souwuel d'BEI wéi och den ESM**, esou eng wichteg Roll an der europäescher Krisebewältegung spillen.

Nach e Schrëtt méi wäit sinn d'Staats – a Regierungscheffen dunn am Juli gaang wéi si sech um Sommet no laangen an zéie Verhandlungen op den europäesche **Plan de Relance an Héicht vun 1,85 Billiounen Euro** gëeenegt hunn. Während den Hëllefspak am Abrëll dorop ausgeriicht war de Schued vun der Kris esou niddereg wéi méiglech ze halen, geet et beim Plan de Relance dorëms déi europäesch Ekonomie no der Kris erëm op d'Been ze stellen a fit fir d'Zukunft ze maachen.

Dëse Plang besteet engersäits aus dem **EU Budget** iwwert déi nächst siwe Joer an anerersäits aus dem **Fonds de Relance**, deen den Ausdrock vun exzeptioneller europäescher Solidaritéit ass. Iwwert dëse Fong kréien d'Memberstaaten finanziell bei hiren Opbauefforten no der Kris ënnert d'Ärm gegraff.

Déi europäesch Kommissioun kritt zu dësem Zweck d'Erlaabnis vun de Memberstaaten fir **750 Milliarden Euro** op d'Kapitalmäert léinen ze goen. Lëtzebuerg hat sech mat als ee vun deenen éischte Länner fir esou eng temporaire gemeinsam Verscholdung op EU-Plang staark gemaach.

Aussergewéinlech Zäiten erfuerderen nämlech aussergewéinlech Mesuren!

All dës Efforten kaschten natierlech Suen, mee Lëtzebuerg ass bereet en zousätzlechen Effort ze maachen. Déi zousätzlech Contributiounen an den EU-Budget, déi och fir Lëtzebuerg iwwert déi nächst Joren méi héich ausfale wäerten, goufe natierlech schonn an dëse Budget integréiert.

Ech kommen dann elo op d'Prioritéiten vum Budget 2021 ze schwëtzen, déi sech an d'Kontinuitéit vun deem aschreiwen, wat ech grad beschriwwen hunn. ***Ech wäert mäin Exposé och bewosst quasi exklusiv op 2021 beschränken****, well een an esou eng Kris wéi där heiten einfach net genuch Visibilitéit huet, fir zouverlässeg Prognosen iwwer d'Joer eraus ze maachen.*

II. D’Prioritéiten vum Budget 2021

D'Prioritéiten vum Budget 2021 kann een an 5 Wieder zesummefaassen: Investissementer, Solidaritéit, Logement, Nohaltegkeet an Kompetitivitéit.

A. Investissementer

Déi gutt finanziell Lag, mat där Lëtzebuerg an dës Kris eragaangen ass, huet net nëmmen erméiglecht séier déi néideg Mesuren en Place ze setzen fir d’Kris ze bewältegen, mee se erlaabt och déi laangfristeg Ziler, déi am Koalitiounsaccord an am Nationalen Klima- an Energie-Plang (de PNEC) festgehale goufen, weider ëmzesetzen.

Fir dat ze erreechen engagéiert sech d’Regierung weiderhin, am Sënn vum qualitative Wuesstem, konsequent Investissementer fir d’Solidaritéit, de Logement, d’Nohaltegkeet an d’Kompetivitéit ze plangen.

Et ass net trotz, mee eben grad wéinst der Kris dass d’Regierung dës Décisioun getraff huet. Et wär nämlech falsch an engem Moment, wou d’Leit an d’Betriber sech existenziell Froen stellen, Dépensen erofzeschrauwen, just fir een équilibréierte Budget ze hunn.

D’Investissementer wäerten Lëtzebuerg hëllefen méi séier duerch d’Kris ze kommen an eis Wirtschaft méi resilient an nohalteg fir d’Zukunft opzestellen.

Dass dat deen eenzeg richtege Wee aus der Kris ass, bestätegen all international an europäesch Organisatiounen.

D'Directrice generale vum FMI, d’Madame Kristalina Georgieva, huet de 6ten Oktober gesot:

> *“We need fundamental reforms to build a more resilient economy—one that is greener, smarter, more inclusive—more dynamic. This is where we need to direct* ***the massive investments*** *that will be required for a strong and sustainable recovery.”*

D’Europäesch Kommissioun schreift:

> *“The 2008-2009 global financial crisis illustrated that cutting public investment has been a common way for governments to limit high deficits and corresponding financing needs. This strategy came at the expense of economic growth in the medium to long run; (...) Therefore, it is important to support the recovery and foster potential growth through structural reforms* ***and investments****.”*

D'Regierung setzt dofir hier Investissementspolitik an den nächste Joren konsequent fort.

Wéi gesinn d'Investissementer am Budget 2021 aus?



1. <u>D'Investissementer 2020</u>

Dat éischt wat een gesäit, ass dass 2020 d'Investissementer eng extraordinär Hausse kannt hunn.

Duerch déi vill Mesuren déi de Staat am Kontext vun der Kris en Place gesat huet, investéiert de Staat dëst Joer bal 3,5 Milliarden, wat 51,7% méi ass wéi 2019, an 5,9% vum PIB entsprécht.

Souguer wann een all déi extraordinär Investissementer erausfiltert, da bleift ënnert dem Strëch ëmmer nach ee Montant vun 2,7 Milliarden Euro, soit eng Hausse vun +18% par rapport zu 2019. 2021 geet dës positiv Trajectoire weider erop.

2. D’Investissementer 2021

Fir 2021 sinn Investissementer an der Héicht vun 2,8 Milliarden virgesinn, wat 4,3% vum PIB entsprécht. Dëse Montant läit also nach iwwert deem vun 2020, wann een déi extraordinär Investissementer erausrechent.

Virun der Kris, an der Period 2015-2019 louchen d’Investitissementer an der Moyenne bei 3,7% vum PIB. Obwuel deen Taux schonn deemools héich war, an den Choix einfach gewiescht wier hei ze spueren, huet d’Regierung décidéiert **grad elo nach eng Schëpp bäizeleeën**, fir d’Relance 2021 zousätzlech ze ënnerstëtzen.

B. Solidaritéit

Op dësem Gebitt wëll ech vir d'éischt vum Budget selwer schwätzen, an dann vun de Steiermesuren.

1. Investissementer fir d’Solidaritéit

Ech well hei zwee Gebidder besonnesch ervirhiewen : dat vun der Gesondheet, an dat vun der sozialer Kohesioun.

a) Gesondheet

Sozial Gerechtegkeet heescht, grad an enger Pandémie, ee performante Gesondheetssystem fir jiddereen. Um Niveau vun der Santé, huet d'Kris gewisen dass Lëtzebuerg mat sengen Infrastrukturen, par rapport zu aneren Länner, gutt opgestallt war. Während bei eisen Noopeschlänner Spideeler iwwerlaf sinn, huet Lëtzebuerg och Patienten aus dem Ausland opgeholl.

Elo gëllt et, eise System op potentiell zukënfteg Krisen nach besser virzebereeden.

De Fonds pour le financement des infrastructures hospitaliers gesäit fir d'Joer 2021 Dépensen vun 61 Milliounen Euro vir. Dës Dépensen wäerten d'Joren drop weider eropgoen, an 2024 dann ronn 2,5 mol sou héich leien, bei 153 Milliounen. Domat ginn wichteg Projeten wéi déi nei Gebailechkeeten fir de Centre CHL gebaut, esou wéi och d'Südspidol, wou d'Ambitioun jo ass, aus deem d'Spidol vun der Zukunft ze maachen.

D'Dotatioun fir de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux wäert, par rapport zu 2020, ëm 15 Milliounen an d'Luucht goen. Dovunner ginn, ënner anerem, Projeten wéi d'Maison de soins zu Bascharage a sämtlech Opnamstrukturen fir Réfugiéen finanzéiert.

b) Sozial Kohesioun

Fir d'wirtschaftlech Relance an d'Dynamiséierung vum Aarbechtsmarché unzekuerbelen, goufen Mesuren ausgeschafft déi iwwert den Fonds pour l'emploi finanzéiert wäerte ginn.

Dozou gehéieren Aiden, déi méi eeler Leit sollen hëllefen rëm de Wee zeréck op den Aarbechtsmarché ze fannen. Et gëllt och Stages de professionalisation, esou wéi och Apprentissagen ze promovéieren. D'ADEM wäert ënner anerem verstäerkt ginn, fir kënnen an Zukunft e besseren "matchmaking" tëschent den oppene Plazen an den Demandeuren ze maachen.

Alles an allem wäert d'Dotatioun vum Fonds pour l'emploi ëm 105 Milliounen Euro an d'Luucht goen. Déi gesamt Dépensen fir 2021 sinn op e Montant vu ronn 1 Milliard Euro festgesat ginn (2019 loungen d'Dépensen bei 711 Milliounen Euro).

Am Sënn vun der sozialer Kohesioun wäerten och d'Investissementer déi iwwert de "Fonds pour les investissements socio-familiaux" finanzéiert ginn, op engem héijen Niveau bleiwen. Fir d'Période 2020-2024 sinn Dépensen vu Ganzer 372 Milliounen Euro virgesinn, woumat Infrastrukturen fir eeler Leit fir e Montant vun 185 Milliounen Euro an Infrastrukturen fir handicapéiert Matbierger fir e Montant vun 127 Milliounen Euro finanzéiert ginn.

Fir d'Famillen bei deenen en Aarmutsrisiko besteet an déi de Wee zeréck op den Aarbechtsmarché sichen, wäerten d'Dotatiounen fir de Fonds national de solidarité fir de REVIS (Revenu d'inclusion sociale) ze finanzéieren regelméisseg an d'Luucht goen. Fir 2021 belafen se sech op 190 Milliounen Euro.

Dës Mesuren ginn kompletéiert mat aner Mesuren, wéi d'Allocation de vie chère, wou jo d'Maximalbeträg am Kader vun der Kris fir d'Joer 2020 verduebelt gi sinn. 2021 gëtt d'Allocation de vie chère permanent 10% eropgesat. D'Dotatioun fir d'Zukunftskees wäert och ëm 19 Milliounen an d'Luucht goen.

Ech kommen dann elo op d'Steiermesuren ze schwëtzen, am Sënn vun der Solidaritéit.

2. Steiermesuren am Sënn vun der Solidaritéit

a) Régime fiscal vun de FISen

Haut ass et verschiddenen Akteuren méiglech, quasi-steierbefräit um Immobiliemarché ze agéieren, während aner Akteuren déi normal Steiersätz musse bezuelen. Ech hunn an de läschte Wochen vill Fuerderungen no einfache Solutioune gehéiert. D'Regierung huet am Hannergrond geschafft, **fir seriös Mesuren op d'Been ze stellen**, déi souwuel déi kloer erkannten Ongerechtegkeeten bekämpfen, wéi och hënnescht Dieren zoumaachen, a gläichzäiteg d'Kompetitivitéit vun der lëtzebuerger Wirtschaft a Fongeplaz net a Fro stellen.

Sou wéi dat am Regierungprogramm virgesinn ass, huet d'Regierung déi Problematik, an de Steierregime vun den **FIS'en**, op den Leescht geholl.

An Zukunft wäerten d'Fongen besteiert ginn, wann se direkt oder indirekt Revenuen (Loyeren an Plus-valuen) aus lëtzebuerger Immobilien kréien. Den Taux deen zeréckbehalen gouf, beleeft sech op 20% vum Montant brut, ouni d'Méiglechkeet eventuell Chargen ofzerechnen.

Den **Sociétés de Gestion de Patrimoine Familial (SPF)** gëtt an Zukunft explizit verbueden iwwert aner Gesellschaften, indirekten Besëtz ze hunn vun Gebailechkeeten. Domat ass dës Hannerdier zougemaach.

Ee weidere Sujet deen d'Regierung an deem Kontext behandelt huet, sinn déi sougenannte **"Share Deals",** wou mam Budget 2021 den Droit de mutation verdräifacht gëtt. Dës Zort Operatiounen ginn an Zukunft also méi héich besteiert, wat och gutt ass fir d'Staatskeess.

Ech kommen elo zu engem 3te groussen Volet, deen am Budget 2021 eng Prioritéit ass, de Logement:

C. Logement:

1. Investissementer fir de Logement

2021 wäerten sech d'Krediter fir de Wunnengsbauministère op e Gesamtmontant vun 263 Milliounen Euro belafen. Dat ass eng Progressioun vun +11% par rapport zu 2020.

Säit dem 1ten Abrëll dëst Joer, huet den Wunnengsbauministère en speziellen Fong, den sougenannten "Fonds spécial de soutien au développement du logement", mam Ziel d'Offer vun abordabelen Wunnengen substantiell ze erhéijen.

Ganzer 21 Posten goufen am Budget 2021 zesummengeholl, fir dëse Fong ze alimentéieren. Am Ganzen sinn ronn 141 Milliounen Euro virgesinn, déi bis 2024 op 248 Milliounen Euro wäerten klammen. Eleng fir d'Konstructiounen, déi mat deem Fong sollen finanzéiert ginn, leien d'Dépensen bei 136 Milliounen Euro.

Mam Pacte Logement 2.0 ginn d'Gemengen dozou incitéieren fir eng méi abordabel Wunnengsoffer op hiren Territoiren ze erméiglechen.

Wann een sech als Regierung der Envergure vun der Logementsproblematik bewosst ass, dann weess een och, dass Investissementer eleng net duer ginn.

Déi sämtlech Dépensen déi an de Beräich Logement fléissen, kënnen nëmmen hiren gewënschten Effekt hunn, wann d'Steiermesuren an déi selwecht Richtung zéien.

2. Steiermesuren fir d'Logementsproblematik unzegoen

a) Erofsetzen vum taux d'amortissement accéléré

Den Amortissement accéléré ass 2002 agefouert ginn, mam Gedanken, dass dann méi Leit géifen an Immeublen investéieren an *logement locatif* schafen. Haut féiert de Mechanismus dozou, dass de Staat Investisseuren dozou incitéiert potentiellen "Primo-Acquéreuren" d'Immeubelen virun der Nues ewechzekafen, fir kënnen vun engem Steieravantage ze profitéieren. Dëst ass also eng Dispositioun déi tendenziell d'Demande um Wunnengsmarché, an domatter d'Präisdeierecht, weider ukuerbelt.

Dofir huet d'Regierung décidéiert den **Taux vum amortissement accéléré vu 6% op 5%** erofzesetzen, an d'Period an där en sech applizéiert vu 6 op 5 Joer ze reduzéieren. Wann ee Contribuable an een oder méi Immeublen vun zesummen enger Valeur vun iwwert 1 Millioun investéiert, geet den Taux, fir deen Deel iwwert deem Seuil, op 4% erof.

Dës nei Regelen gëlle fir all Immeublen, déi vum 1.1.2021 un kaf ginn.

Sou gëtt d'Spekulatioun limitéiert, an et bleift awer nach attraktiv an en Appartement ze investéieren fir seng Kanner.

b) Seuilen op energetesch Renovatiounsaarbechten

En **Taux d'amortissement fir Renovatiounen vun 6%** wäert agefouert ginn, wann d'Propriétairen, déi hiert Gebaier verlounen, Renovatiounen ausféieren déi d'Energieeffizienz vun deem Gebai verbesseren. Deen Taux applizéiert sech op eng Period vun 10 Joer.

Zousätzlech wäert den Alter vun de Gebaier, wou d'Renovatiounsaarbechten vum Taux super-réduit vun 3% TVA profitéieren, vun 20 op 10 Joer erofgesat ginn.

Eng lescht Mesure bezitt sech op d'**Installatiounsaarbechten vun enger Photovoltaikanlag**, wou den steierlech Régime méi gënschteg wäert ginn.

Domat kommen ech och dann zu enger anerer wichteger Prioritéit vum Budget 2021: d'Nohaltegkeet.

D. Nohaltegkeet

1. Investissementer am Sënn vun der Nohaltegkeet

D'Investissementer am Sënn vun der Nohaltegkeet bleiwen, esou wéi an de Joren virdrun, op engem héijen Niveau.

Wéi gesinn déi nohalteg Investissementer 2021 aus?



Am Ganzen wäerten 2021 ronn 547 Milliounen Euro Investissementer am Beräich Nohaltegkeet getätegt ginn. Am Duerchschnëtt ginn dës Investissementer vun 2020 bis 2024 ëm 7% pro Joer erop.

Wou läit den Accent ? Mobilitéit a Klima.

a) Mobilitéit

Ee grousse Deel vun den nohaltegen Investissementer wäerten fir eng méi propper, efficace, an nohalteg Mobilitéit agesat ginn.

Säit dem 1ten Mäerz dëst Joer, huet Lëtzebuerg de gratis ëffentlechen Transport agefouert, vun deem jiddereen profitéiert.

Dës Initiative huet e grousse Succès fonnt, trotz der Pandémie, well déi néideg Upassungen an de Gefierer an op den Horaire gemaach goufen.

2021 sinn weider grouss Investissementer um Niveau vun den Infrastrukturen geplangt, déi souwuel den Zuch, wéi och den Tram betreffen.

D'Dépensen vum Fonds du Rail wäerten regelméisseg an d'Luucht goen an 2,4 Milliarden Euro fir d'Period 2020-2024 erreechen.

Den Tramprojet geet virun, an d'Streck Luxexpo-Gare wäert am Dezember ageweit ginn. 2021 wäerten d'Arbechten fir den Ausbau op de Findel an op d'Cloche-d'Or ugefange ginn. Fir d'Period 2020-2024 wäerten fir dës Aarbechten 270 Milliounen geplangt sinn, vun deenen 48 Milliounen fir 2021 virgesi sinn.

Eng aner Prioritéit ass d'Elektromobilitéit. Nieft den Bornen déi uechter d'Land installéiert ginn, sou wéi och déi séier Luedstatiounen déi bei d'Tankstellen laanscht d'Autobunnen kommen, wäert de Staat e Régime de Soutien ëmsetzen, fir de Leit ze hëllefen bei sech doheem esou Bornen ze installéieren. Fir dës Primen, déi iwwert den Fonds climat et énergie lafen, sinn 8,4 Milliounen fir d'Période 2021-2023 virgesinn.

Och déi douce Mobilitéit gëtt gefördert. D'Prime, fir Leit déi sech en neien Vëlo oder en Pédélec kafen, gouf während der Kris verduebelt. D'Prime kann bis zu 50% vum Präis vum Vëlo ausmaachen an ass plafonéiert op 600 Euro. Ronn 23.000 Leit hunn elo schonn dovunner profitéiert.

b) Klima

Wat d'Klimapolitik ugeet, bleift d'Anhalen vun den internationalen Ziler, déi Lëtzebuerg am Kader vum Agenda 2030 décidéiert huet, eng **fundamental Prioritéit**.

D'Regierung ass engagéiert déi Ziler ëmzesetzen. Dir wësst d'Ziler sinn folgend:

- D'CO2-Emissiounen bis zu 55% ze reduzéieren,
- eng Energieeffizienz vun 45% ze erreechen, an
- d'Proportioun vun den erneierbar Energien op 25% ze erreechen.

Fir déi Ziler ze erreechen gouf den Nationalen Klima- an Energie-Plang (PNEC) ausgeschafft. Dëse Plang reflektéiert sech och am Budget 2021: Fir déi dräi Voleten zesummen, also d'Décarboniséierungs-Strategie, d'Energieeffizienz an de Volet Recherche, sinn 1,1 Milliarden Euro virgesinn, fir d'nächst Joer.

Mee d'Regierung geet an der Lutte géint de Klimawandel nach e Schrëtt weider. Si ass am Nationalen Klima- an Energie-Plang *festgehale ginn: d'CO2 Steier.*

2. Steiermesuren fir d'Nohaltegkeet:

a) CO2 Steier

Sou wéi vill aner Länner wäert och Lëtzebuerg, mam Budget 2021, **am Sënn vun "Pollueur-Payeur" Prinzip**, der Klimaverschmotzung e Präis ginn, an zwar 20 Euro pro Tonn CO2. Dëse Präis wäert dann progressiv an den nächsten Joeren an d'Luucht goen, op 25 Euro pro Tonn CO2 am Joer 2022 an op 30 Euro am Joer 2023, **sou wéi dat och am PNEC virgesinn ass.**

Konkret heescht dat fir d'Joer 2021 op der Pompel eng Hausse vun ongeféier 5 Cent um Liter Diesel an Benzin. Och beim Gas a beim Mazout fir ze heizen wäert et zu Upassungen kommen. Duerch dës Erhéijung, mécht Lëtzebuerg also **d'Consommatioun vun klimaschiedlechen fossilen Energien bewosst manner attraktiv**.

D'Regierung setzt hei ee wichtegt Signal: Net nëmmen weist dës Mesure dass Lëtzebuerg d'Anhalen vun sengen Klimaziler eescht mengt, mee si ass och ee kloert Bekenntnes zum qualitative Wuesstem an der Nohaltegkeet.

D’Regierung ass sech awer bewosst dass fir vill Leit, déi duerch hir Aarbecht oder perséinlech Contrainten mussen den Auto benotzen, déi méi kleng Revenuen oder keen Elektro-Auto hunn, esou eng Taxe am Portmonni spierbar ass.

Et geet hei awer net drëm eng nei Recette ze schafen.

Zäitgläich wäerte mir dofir eng Rei sozial gerecht Kompensatiounsmesure aféieren. De Crédit d’impôt gëtt, vun 2021 un, ëm 96 Euro d’Joer erhéicht. Dës gëllt fir d’Salariéen, déi Pensionéiert, d’Indépendanten an d’Chômeuren.

Ech rappeléieren hei de **sozial gerechten Aspekt vum Crédit d’Impôt**: Dësen gëtt voll ausbezuelt bis 40.000 Euro a geet dann, bis ee Salaire vun 80.000 Euro, graduell op 0 erof.

Zousätzlech wäert, wéi ech dat scho gesot hunn, d'Allocation de vie chère 2021 em 10% ugehuewe ginn. D’Subventiounen, fir de Leit ze hëllefen doheem Energie ze spueren, hir Heizung ëmzestellen, an op eng méi klimafrëndlech Mobilitéit ëmzeklammen, ginn och verlängert.

Zesumme wäerten des Mesuren, grad fir déi sozial méi schwaach, ee groussen Deel vun de Méikäschten vun dëser CO2 Steier kompenséieren.

Domatter geet de Krees zou, well mat dëser Regierung sozial an ëmweltpolitesch Mesuren Hand an Hand ginn.

Den Iwwerschoss vun de Recetten vun der CO2 Steier, deen Enn vum Joer festgestallt gëtt, wäert a gréng an nohalteg Investissementer fléissen.

b) D'Finanzplaz als Vecteur fir d'Nohaltegkeet

Zu gudder Lescht wëll ech nach op eng Mesure agoen déi ganz am Sënn vun der Competivitéit vun der Finanzplaz - a gläichzäiteg vun der Nohaltegkeet - ass.

Ech sinn houfreg ze gesinn, dass een vun den Haaptpilieren vun eiser Wirtschaft, d'Finanzplaz, sech gutt an der Kris geschloen huet. Am Géigesaz zu der Kris 2008, wor d'Finanzplaz an dëser Kris net en Deel vum Problem, mee huet zu der Léisung bäigedroen.

Den Staat huet mam Privatsecteur Hand an Hand kooperéiert, fir de Betriber an den Indépendanten ze hëllefen en Deel vun de Risiken ze droen.

D'Stabilitéit déi vun eiser Finanzplaz ausgeet, huet sech an der Kris bewisen. Dat kënnt och elo aus dem rezenten Global Financial Centres Index (den GFCI) eraus. D'lëtzebuerger Finanzplaz huet an der EU déi éischt Plaz iwwerholl an steet domat virun renomméierten Plazen wéi Paräis a Frankfurt.

Eis Fongenplaz bleift déi gréissten an der EU, an zweetgréissten no den USA. Weltwäit, ass Lëtzebuerg ganzer 6 Plazen geklommen, an iwwerhëlt **d'Plaz Nummer 12 am Ranking** vun den gréissten Finanzplazen.

Gläichzäiteg dréit d'Finanzplaz och zu enger méi nohalteger Wirtschaft bäi. Deen Engagement reflektéiert sech am Ranking vum Global Green Finance Index, wou d'lëtzebuerger Finanzplaz mëttlerweil **d'Plaz 2 weltwäit** iwwerholl huet.

D'Finanzplaz spillt also eng grouss Roll bei der Bekämpfung vun der Kris, a gläichzäiteg ass si och e Motor, deen Lëtzebuerg erlaabt an d'Zukunft eng nohalteg an resilient Wirtschaft ze hunn. Si ass also en Garant fir eis Kompetitivitéit. A si ass dee gréisste Levier, dee Lëtzebuerg huet, fir weltwäit géint de Klimawandel ze kämpfen, an nohalteg Investissementer ze finanzéieren.

Fir deen Engagement weider ze begleeden, huet d'Regierung décidéiert mam Budget 2021 **d'Taxe d'abonnement fir nohalteg Investissementer**, déi am Aklang zu der europäescher Taxonomie stinn, ze reduzéieren.

Konkret heescht dat, dass wann Fongen an nohalteg Projeten oder Firmen investéieren, deen Deel vun enger reduzéierter Taxe d'abonnement profitéiert. Wat de Fong méi am nohaltegen Beräich investéiert, wat d'Taxe méi erofgeet, an zwar schrëttweis vun 0,5 op 0,1 Promill.

Andeems Lëtzebuerg esou eng Steiermesure ëmsetzt, wäert d'Kompetivititéit vum Land, als Standuert fir gréng an nohalteg Finanzen, weider gestäerkt ginn. Lëtzebuerg leescht domatter och ee konkrete Bäitrag zum Finanzement vun nohaltege Projeten weltwäit.

Ech kommen elo zu der fënnefter a leschter Prioritéit am Budget 2021: d'Kompetitivitéit.

E. Kompetitivitéit

1. Investissementer am Sënn vun der Kompetitivitéit

Kompetitivitéit geet zesummen mat der Digitaliséierung.

Mat dem neien Digitalisatiounsministère, deem seng d'Kreditter 2021 Joer ëm 17% klammen, huet d'Regierung ënnerstrach dass d'Digitaliséierung eng vun hiren Prioritéiten ass.

Grad elo am Kontext vun der sanitärer Kris, wou den "social distancing" eng Nécessitéit ass, waren eis déi digital Moyenen nach ni esou nëtzlech.

Si vereinfachen de Leit hiren Alldag an erlaabt iwwerhaapt réischt den “Télétravail”, ouni deen vill Betriber während dem Confinement net hätte kënne weiderschaffen. Duerch dat exzeptionellt Ophiewen vun der sougenannte “règles de tolérance” mat onsen Noopeschlänner, goufen zousätzlech déi steierlech Considératiounen fir dëst Joer op Äis geluecht, an den Salariéen esou wéi den Employeuren erlaabt, sech op hier Aarbecht ze konzentréieren.

D’Kris huet awer och gewisen dass op ville Plazen nach Spillraum besteet an Adaptatioune néideg sinn. De Staat wäert dofir, mat nach méi Elan, seng Digitalisatiounsstrategie an d’Initiative “Digital Lëtzebuerg” weiderféieren.

Fir kënnen ze garantéieren dass de Staat och a Krisenzäiten operationell bleift an efficace Servicer ubitt, wäerten dem CTIE seng Kapazitéiten weider verstäerkt ginn. Dofir sinn fir d’nächst Joer, 181 Milliounen Euro fixéiert ginn.

Am Ganzen belafen sech d’Dépensen vum Staat am Intérêt vun der Digitaliséierung op ronn 1 Milliard Euro fir déi ganz Period 2021-2024.

Um Niveau vun den Entreprisen ënnerstëtzt de Wirtschaftsministère Rechercheprojeten an d'Moderniséierung vun de Produktiouns-prozesser. Eng grouss Roll spillt dobäi d'Agence Luxinnovation, mat hire Programmer wéi den "Startup Box", "Fit 4 Start", "Fit 4 Digital" an "Fit 4 Innovation". 2021 sinn dofir 9,1 Milliounen Euro virgesinn. Dem Staat säin Undeel um Finanzement vum Fonds de l'innovation wäert 2021 vun 85 Milliounen op 120 Milliounen Euro eropgoen.

D'Regierung wäert **d'Entwécklung vum Handwierk** an deene méi klengen Entreprisen ze begleeden, andeems d'Régimes d'Aides fir d'Fuerschung, Entwécklung, mee och den Ëmweltschutz bäibehalen ginn. Am Duerchschnëtt sinn fir d'Period 2021-2024 Dépensen vun 54 Milliounen an deem Beräich geplangt.

D'Kris huet gewisen, **wéi wichteg d'Fuerschung ass**, net nëmmen fir d'Wirtschaft, mä fir eis ganz Gesellschaft.

De Staat wäert 2021 de Finanzement fir d'Uni an aner Recherche-Instituter ëm 22 Milliounen erhéijen.

Dem Ministère fir Héichschoul a Fuerschung säin Budget geet fir 2021 ëm 24 Milliounen op 574 Milliounen erop.

Och den Beräich vum "Space" bleift weider eng Prioritéit. Hei sinn fir d'Period tëscht 2021 an 2024 ronn 211 Milliounen Euro virgesinn.

Eng kompetitiv Ekonomie brauch ee performante Staat. Nieft der Digitalisatioun brauch et talentéiert a kompetent Mataarbechter. Dofir gesäit de Budget 2021 iwwert 1000 Neiastellungen fir.

Ech kommen dann elo op Steiermesuren am Sënn vun der Kompetitivitéit:

2. Steiermesuren am Sënn vun der Kompetitivitéit

a) Stock-options, régime impatriés an prime participative

Wat d'Besteierung vun den sougenannten "Stock Options" oder „Warrants“ ubelaangt, ee Regime, deen 2002 iwwert eng Circulaire agefouert gi war, do huet des Regierung schonn 2017 Mesure geholl fir d'Abusen ze limitéieren an d’Besteierung vun den Warrants ze erhéijen.

D’Regierung geet elo mam Budget 2021 e weidere Schrëtt, a schaaft den steierlechen Régime vun den "Stock Options" of. Dëst ass eng Mesure, déi sou iwweregens och am Koalitiounsaccord virgesinn ass.

Genau esou steet och am Koalitiounsaccord, dass zesumme mam Ofschafen vun den “Stock Options”, den Régime vun den **“Impatriés”** soll adaptéiert ginn. Dëse Régime, deen bis elo iwwert eng Circulaire geregelt war, kritt mam Budget 2021 eng gesetzlech Basis.

An deem Kontext, gëtt **d'Méiglechkeet vun enger "Prime d'impatriation"** agefouert, déi de Patron engem Impatrié bezuele kann. Anescht wéi d'Stock Options ass dës Prime just fir déi, déi wäit aus dem Ausland op Lëtzebuerg eriwwer plënneren. Si ass mat engem Maximum vun 8 Joer och limitéiert an der Zäit. Mir hunn eis hei um franséische System inspiréiert.

D'Prime d'impatriation kann bis zu 30% vum Salaire vun engem Impatrié ausmaachen, an ass zu 50% steierfräi. *(Am Frankräich brauch een dorop iwweregens guer keng Steieren ze bezuelen. Eise Regime ass also manner avantagéis.)*

Doriwwer eraus, gëtt mam Budget 2021 **d'Méiglechkeet vun enger Prime Participative** agefouert, iwwert déi en Salarié um Bénéfice vun der Entreprise an där en schafft kann bedeelegt ginn. Dës Prime ass awer limitéiert: Engersäits, däerf de Gesamtmontant deen eng Firma iwwert dës Primen hire Salariéeën ausbezuelt, net méi wéi 5% vum Bénéfice ausmaachen. An anersäits däerf se fir den eenzelnen Salarié net méi ewéi 25% vu sengem Joresgehalt ausmaachen. Och des Prime ass zu 50% steierfräi.

Dat hei ass ee kohärente Pak vun Mesuren, déi anenee gräifen. Si erlaben, Talenter a Spezialisten op Lëtzebuerg ze zéien, d'Start-up Kultur ze ënnerstëtzen an d'Kompetitivitéit vum Land ze stäerken.

Am Géigesaz zu de “Stock Options”, déi net nëmmen ontransparent an ongerecht woren, mee och zu engem substantiellen Dechet fiscal gefouert hunn, sinn dës nei Mesuren zilgerecht, transparent an manner deier.

Ech hunn elo heimat den Kapitel 2 vu menger Ried, d’Prioritéiten vum Budget 2021, ofgeschloss. Ech hunn d’Investissementer an déi haapt Steiermesuren opgezielt déi am Sënn vun der Solidaritéit, dem Logement, der Nohaltegkeet an der Kompetitivitéit stinn. Ech kommen elo zum 3ten Kapitel, wou ech op d’Haaptagregater vum Budget 2021 an d’Solden vun der Administration publique ze schwëtze kommen.

III. D’Zuelen vum Budget 2021

A. Makroekonomeschen Kontext

Ongewéinlech Zäiten hunn als Konsequenz, ongewéinlech Zuelen. Dëst gëtt illustréiert duerch d’Prévisiounen op deenen de Budget 2021 fousst, an déi staark vum makroekonomeschen Kontext beaflosst ginn.

Wéi all Joers baséiert sech d’Regierung, bei de Prévisiounen vum Budget, op dem STATEC seng Berechnungen, déi en an aller Onofhängegkeet opgestallt huet.

Den STATEC geet dovunner aus dass den PIB vun der Eurozone fir d’Joer 2020 ëm -8% wäert falen. Lëtzebuerg soll fir 2020 bei -6% leien, also 2 Prozentpunkten besser wéi d’Eurozone.

Ech rappeléieren dass am Kontext vum PSC, den STATEC och nach en pessimisteschen Szenario fir 2020 modeléiert hat, deen vun enger Baisse vum PIB vun -12% ausgaangen ass. Mir kënnen also Haut dovunner ausgoen, dass dësen sech net wäert matérialiséieren.

Fir 2021 soll sech d'Situatioun wesentlech verbesseren, wat en mechaneschen Opschwonk vum PIB als Resultat wäert hunn.

Am Allgemengen, geet den STATEC dovunner aus, dass den PIB vun der Eurozone 2021 ëm +6% wäert klammen an deen vu Lëtzebuerg ëm +7%. Dat ass awer just op den éischte Bléck eng gutt Noriicht. Konkret heescht dat nämlech - bei engem Minus vun 6% am Joer 2020 an engem Plus vun 7% am Joer 2021 – dass ënnert dem Stréch de Wuesstem an dësen zwee Joer zu Lëtzebuerg praktesch null ass.

Et däerf een och net aus den Aen verléieren dass weltwäit nach eng grouss Onsécherheet iwwert déi weider Evolutioun vun der Pandémie herrscht. D'wirtschaftlech Entwécklung kann sech entspriechend nach ganz anescht entwéckelen, wéi am Moment virgesinn; dat, an eng positiv genee wéi och an eng negativ Richtung.

Wéi gesinn dann d'Recetten an d'Dépensen fir d'Administration centrale fir d'Joer 2020 aus, an wéi sinn se verdeelt ?

B. Haaptagregater 2021

Duerch déi sanitär Kris, huet sech de positiven Schéiereffekt bei der Evolutioun vun den Dépensen an vun den Recetten, inverséiert.

Dës Kris huet, engersäits, mat sech bruecht dass d'Dépensen enorm gestigen sinn. Anerersäits, huet de Confinement gemaach dass d'Wirtschaft vun Haut op Muer op dat Essentiellt reduzéiert war, wat negativ Auswierkungen op d'Recetten hat.

Ech maachen meng Presentatioun wéi ëmmer no de Regelen vun der europäescher Comptabilitéit, dem SEC.

Fir d'éischt kommen ech op d'Dépensen:

1. <u>Dépensen</u>

a) D'Dépensen fir 2020

De läschten Prévisounen no, wäerten d'Dépensen vun der Administration centrale fir d'Joer 2020 bei ronn 22,9 Milliarden Euro leien. De Staat huet also an absoluten Zuelen 2 Milliarden, also bal 10%, méi ausginn wéi am leschten votéierten Budget virgesinn.

b) *D'Dépensen fir 2021*

No dëser exzeptioneller Hausse fir 2020, wäerten d'Dépensen fir d'Joer 2021 erëm erofgoen op ronn 21,8 Milliarden, wat enger Baisse vun -4,9% par rapport zu 2020 entsprécht.

Ech wëll awer ervirsträichen, dass wann een den Effet Covid 2020 erausrechent, d'Dépensen vun 2020 op 2021 en fait eropginn.

Dëst spigelt eise Wëllen erëm, d'Relance net mat Spuermoossnahmen ofzewiergen, mä aktiv ze weider ënnerstëtzen.

Aus wat bestinn dann haaptsächlech d'Dépensen fir d'Joer 2021?



Fir all Euro deen d'Administration centrale ausgëtt, wäerten ronn:

- 48%, also ronn d'Halschecht fir d'Sozialleeschtungen, Subsiden a Subventiounen fléissen.
- Den zweetgréissten Posten sinn d'Remunératiounen, mat 24%.
- Dann kommen d'Investitissementer mat 13%, op déi ech jo am virrechten Kapitel am Detail agaangen sinn.
- Ronn 8% vun den Dépensen wäerten fir Frais de Fonctionnement fléissen, also lafend Käschten wéi zum Beispill Loyeren an Entretien.
- D'Transferten fir d'Gemengen representéieren 7% vun den Dépensen.
- D'Zënsen a Punkto Staatsschold maache manner wéi 1% aus.

Wéi gesäit et bei den Recetten aus?

2. Recetten

Am Géigesaz zu den Dépensen, wou een unhand vum Budget eng Vue huet wéi se am Normalfall wäerten exekutéiert ginn, sinn d'Recetten staark vun internationalen a wirtschaftlechen Facteuren beaflosst, wourop d'Regierung kaum een Afloss huet.

D’Estimatioun vun den Recetten muss een, grad an enger Kris, mat äusserster Virsiicht betruechten. D’Regierung huet dofir bei de Previsiounen vun den Recetten fir 2021 - sou wéi och schonn d'Joren virdrun - de Choix gemaach, sech op ganz virsiichteg Hypothese ze baséieren.

a) D’Recetten fir 2020

D’Recetten fir d’Joer 2020 ginn am Moment op ronn 17,8 Milliarden Euro geschat. Dat sinn 2,5 Milliarde manner, also en Écart vun -12,1%, par rapport zum votéierten Budget 2020.

Déi gréissten Variatiounen fir 2020 par rapport zum leschte votéierte Budget, fënnt een au Niveau vun der Lounsteier (RTS), wou par rapport zum Budget voté 2020 ronn -12% manner erwaart gëtt, an der Kierperschaftssteier (IRC), wou mer mat engem Réckgang vun -18% rechnen. Bei der TVA sinn d’Prévisiounen fir 2020 ëm -10% erofgeschrauft ginn.

b) D’Recetten fir 2021

Fir 2021 gi mer dovunner aus, dass d’Recetten ëm +8% op 19,3 Milliarden Euro klamme wäerten.

Par rapport zu de Projektiounen vum leschte Pluriannuel, sinn dat ronn -2,1 Milliarden oder 10% manner. Hei gesäit een also ganz kloer den Impakt vun der Kris.

Aus wat bestinn d'Recetten fir d'Joer 2021?



Déi gréissten Recetten fir 2021 sinn wéi gewinnt, d'direkt Steieren. 2021 ginn déi op ronn 9 Milliarden geschat, also 47% vun all den Recetten vun der Administration centrale.

Duerno kommen d'indirekt Steieren, mat 7 Milliarden, déi 38% vum gesamten Montant vun den Recetten entspriechen.

Déi zwee Posten zesummen maachen ronn 85% vun de gesamt Recetten aus.

De Rescht vun de Recetten sinn d'sozial Kotisatiounen, d'Recetten vun den Etablissements Publics esou wéi och Loyeren an Dividenden déi de Staat vu sengen Participatiounen kritt.

Nodeems ech elo op d'Recetten an d'Dépensen vun der Administration centrale agaangen sinn, kommen ech op den Solde.

Am Kader vun der Virstellung vum PSC am Abrëll dëst Joer, hat ech schonn déi éischt Previsiounen vun de Solden fir d'Joren 2020 an 2021 virgestallt, déi schonn dunn staark vun der Kris geprägt waren.

Mir constatéieren haut, dass déi Tendenzen sech confirméieren.

3. <u>Solde vun der Administration centrale</u>

2018, also zwee Joer virun der Kris, huet d'Administration centrale mat engem Iwwerschoss vun +528 Milliounen Euro ofgeschloss. 2019 hat d'Administratioun e positive Solde vu +60 Milliounen Euro.

Am Hibléck op de substanziellen finanziellen Impakt vun der Pandémie, hate mer also eng gutt Ausgangspositioun.

Duerch d'Mesuren déi d'Regierung geholl huet, an dem gläichzäitegen Zréckgoen vun de Recetten, wäert den Solde vun der Administration centrale 2020 par rapport vun 2019 en substanziellen Réckgang kennen. Déi neisten Previsiounen ginn vun engem Defizit vun ronn -5 Milliarden aus, also -8,6% vum PIB.

Den Solde vun der Administration centrale wäert sech 2021 par rapport zu dësem Joer ëm ronn d'Halschent verbesseren, an op ronn -2,5 Milliarden kommen, also -3,9% vum PIB.

Wéi gesäit dann elo den allgemengen Solde vun der *Administration publique aus ?*

Deen setzt sech jo bekannterweis zesummen aus den Solden vun der Administration centrale, den Gemengen an der Sécurité Sociale.

C. Solde vun der Administration publique

1. Administrations locales / Gemengen

Wann een sech den Solde vun den Gemengen ukuckt, déi an den leschten Joren ëmmer en raisonnabelt positiivt Resultat ugewisen hunn, da gesäit een dass d'Kris och si net verschount huet.

Fir 2020 wäert de Solde bei ronn -213 Milliounen Euro leien, wat -0,4% vum PIB entsprécht. 2019 hate mer hei nach een Iwwerschoss vun +286 Milliounen Euro.

Fir 2021 wäert den Defizit sech rëm opléisen an de Solde ganz liicht positiv sinn (2 Milliounen, also 0% vum PIB).

2. Sécurité Sociale

Den Solde vun der Sécurité Sociale ass virgesinn fir 2020 weiderhin am positiven Beräich ze bleiwen, wann och substantiell reduzéiert. 2019 hat d'Sécurité Sociale en Surplus vun +1,2 Milliarden ugewisen. 2020 wäert deen bis op ronn 900 Milliounen Euro falen, wat ronn +1,5% vun eisem PIB entsprécht.

Fir 2021, wäert den Solde vun der Sécurité Sociale weider am positiven Beräich bleiwen mat +755 Milliounen Euro kommen, also +1,2% vum PIB.

3. Administration publique

Wat een also allgemeng gesäit, ass dass all Ënnersecteur och vun der Administration publique vun der Kris gekennzeechent ass, awer an engem méi klengen Ausmooss.

Alles an allem wäert d'Administration publique fir 2020 dofir en zolitten Defizit uweisen. Déi neisten Previsiounen ginn vun -4,4 Milliarden aus, also -7,4% vum PIB.

Hei huet d'Regierung eng vill méi virsiichteg Approche geholl wéi d'Europäesch Kommissioun, déi vun engem Gesamtdefizit fir Lëtzebuerg vun -4,8% vum PIB ausgeet. Fir d'Eurozone allgemeng, soll den Defizit en Moyenne bei -8,5% vum PIB leien.

Fir 2021, wäert den Defizit vun der Administration publique sech awer zu engem gudden Deel erhuelen a vun -4,4 Milliarden Euro op -1,8 Milliarden, also -2,7% vum PIB, erofgoen.

Och hei ass d'Regierung méi virsiichteg wéi d'Europäesch Kommissioun, déi esouguer mat engem positiven Solde vun +0,1% fir d'Joer 2021 rechent. En Moyenne soll den Defizit an der Eurozone fir 2021 op -3,5% vum PIB kommen.

Wéi gesäit et an den Joren no 2021 aus?

Fir d'Joren no 2021, huet d'Regierung, wéi all Joers e Budget pluriannuel preparéiert. Et ass en techneschen Exercice, deen an normalen a prévisibelen Zäiten e gudden Outil ass, fir souwuel der Chamber, de Leit dobaussen, wéi och den Europäeschen Instanzen ze weisen wou ons Staatsfinanzen higinn.

A Krisenzäiten verléiert den Pluriannuel awer leider en Deel vu senger Utilitéit. D'Situatioun ass onkloer, d'Szenarien kënnen variéieren, an domat och d'Zuelen.

Mir constatéieren an dësem Pluriannuel dass den Defizit vun der Administration publique während der ganzer Period 2021 bis 2024 konsequent ënnert 3% vum PIB wäert bleiwen (2021= -2,7% vum PIB, 2022 = -2,2%, 2023 = -1,3% an 2024 = -0,9%).

Domat respektéiere mir vun 2021 un schonns erëm den Defizitscritère vun -3%, och wann mir deen mol net missten anhalen.

Dat ass en Fait, iwwert deen een sech kann freeën. Mee au vu vun den Incertituden, wäert ech am Kader vun dëser Ried net weider op d'Zuelen vum Pluriannuel agoen.

Och gëllt 2021 nach d'"General escape clause", sou dass déi europäesch Kritèren sech am Moment iwwerhaapt net applizéieren. Am Hibléck op d'Lëtzebuerger Legistatioun sinn d'Conditiounen erfëllt fir "d'Clause de circonstances exceptionnelles" déi am Gesetz vum 12. Juli 2014 iwwert d'Coordinatioun an d'Gouvernance vun den ëffentlechen Finanze virgesinn ass, ze invoquéieren. Ech hunn dem President vun der CNFP dat och d'lescht Woch schrëftlech matgedeelt.

IV. De Budget laut dem Comptabilitéitsgesetz

Nodeems ech iech elo d'Zuelen vum Budget no den europäeschen Normen (SEC 2010) presentéiert hunn, wëll ech nach kuerz op d'Zuelen vum Staatsbudget laut de Regelen vum Comptabilitéitsgesetz vun 99 agoen, déi jo och esou an am Gesetzestext, deen d'Chamber stëmmt, festgehalen ginn.

D'nächst Joer leien d'Recetten bei **16,9 Milliarden Euro, dat sinn -5,6% manner** wéi dëst Joer. Bei den Dépensen sinn et **19,2 Milliarden Euro** also **+2,5%** méi wéi dëst Joer. Och no der lëtzebuerger Comptabilitéit gesäit een also den Effekt vun der Kris.

Zesummegeholl wäert de Staatsbudget, no den Regelen vum Comptabilitéitsgesetz, deemno en Defizit vu ronn -2,3 Milliarden Euro ausweisen.

Säit dem Budget 2019, weise mer déi sougenannten **“Operations financières”** separat aus.

2021 wäert de Budget vun den Opérations financières en Surplus vun ronn 2,4 Milliarden Euro ausweisen. Dëst entsprécht ongeféier dem Defizit, deen ech virdru genannt hunn, an domatter och dem Volume vun Emprunten, déi méiglecherweis mussen opgeholl ginn, fir deen Defizit ofzedecken.

Ech géing dann elo iwwergoen zum läschten Kapitel vu menger Ried, also deem vun der Staatsschold no den Normen SEC2020.

V. Staatsschold

Mir hunn am 2. Kapitel iwwert den Investitiounsniveau geschwat, deen den Staat héichhaalen wäert.

Et ass an den läschten Wochen a Méint e bëssen Polemik ronderëm d'Staatsschold an Emprunten gemaach ginn, déi de Staat während der Kris erausginn huet.



Fir d’éischt e puer Constaten:

1. D'Staatsschold loung Enn 2019 bei 14 Milliarden Euro oder 22% vum PIB.

   Ech rappeléieren hei nach eng Kéier, dass zejoert am November e Préfinanzement vun 1,7 Milliarden Euro gemaach gouf, fir den Emprunt vun 2 Milliarden, deen elo am Mee fälleg gouf, mat negativen Zënsen kënnen ze refinanzéieren. Wann een des Operatioun erausrechent, stoung d’Staatsschold Enn 2019 bei ronn 12 Milliarden, oder 19,4% vum PIB.

2. Opgrond vun de Budgetsprévisiounen kéime mer 2020, reng mechanesch, op eng Schold vu 16,2 Milliarden Euro oder 27,4% vum PIB. Wa mer do awer déi 3 Milliarden erausrechnen, déi d'Chamber fir de Finanzement vun de Covid-Mesuren autoriséiert huet, si mer nach just op 13,2 Milliarden, oder 22,3%.

3. Fir déi heibannen déi et vergiess hätten :

   2013 louch d'Dette bei 23,7% vum PIB an d'Note un de Formateur hat virausgesot, dass déi schonn 2015 bei 27,5% vum PIB gewiescht wier, wa mer keng Mesure geholl hätten. Et ass also well mer d'Staatsfinanzen iwwert déi läscht Jore sanéiert hunn, dass mer haut, 2020, matten an der Kris, réischt knapps op deem Niveau sinn, wou mer soss scho 5 Joer méi fréi, ouni Kris, gelant wären.

Virun knapp 6 Wochen huet Lëtzebuerg als éischt Land an der EU een *“Emprunt souverain durable*” erausbruecht, esou wéi dat am Budget 2020 scho laang virun der Kris virgesi war. D'Recetten dovunner si geduecht fir sozial an nohalteg Projeten ze finanzéieren. An och deen Emprunt, konnt zu Negativzënsen opgeholl ginn.

Dat bedeit also konkret, dass den Lëtzebuerger Staat méi Suen geléint krut ewéi en der zréckbezuelen muss. An deen Ëmstand, fir deen eis vill Länner beneiden, kënnt aus der Tatsaach, dass mir regelméisseg den “AAA” bestätegt kréien - och an Krisenzäiten.

Fir 2021 chiffréieren d’Prévisiounen d’Staatschold mechanesch op 18,9 Milliarden Euro respektiv 29,4% vum PIB. Wann ech och do déi 3 Milliarden erausrechnen, déi d'Chamber fir de Finanzement vun de Covid-Mesuren autoriséiert huet, sinn et nach just 15,9 Milliarden, respektiv 24,7%.

Et ass ee Fakt, dass déi éiergäizeg Mark vun 30%, déi mir eis selwer am Regierungsprogramm ginn hunn, elo méi no réckelt.

D’Regierung wëll, wéi ech dat schonns virdrun ënnerstrach hunn, grad elo an der Kris den Investitiounsniveau héich halen. Mir wëllen d'Relance weider ënnerstëtzen an se op kee Fall ofwiergen. A wann dat heescht, dass den Niveau vun der Dette während e puer Joer ronderëm déi Limite vun 30% oszilléiert, éi se dann erëm erofgeet, dann ass dat eng besser Perspektiv wéi déi, vun engem ideologeschen Austeritéitsprogramm oder vum Verzicht op Innovatioun an Investissementer.

Dëst ëmsou méi, wéi all déi europäesch an international Organisatiounen d'Länner dozou opfuerderen, grad elo d'Investissementer héich ze halen an vun den nidderegen Zënsen ze profitéieren.

Conclusioun

Här President,

Léiw Kollegen,

Dëst ass en aussergewéinlech Budget fir aussergewéinlech Zäiten.

Et ass e Budget vun der Solidaritéit an vun der nohalteger Relance.

Dës Pandémie huet op mannst zwee strategesch Feststellungen mat sech bruecht:

Déi éischt kann ech mat engem Zitat vum Louis Aragon illustréieren: “Rien n’est jamais acquis à l’homme”. De Wuesstem an déi ëmmer besser Liewensqualitéit, un déi mir eis gewinnt hunn, sinn net fir d’Éiwegkeet garantéiert. En onsiichtbaren Virus kann vun haut op muer alles a Fro stellen.

Déi zweet Feststellung ass, dass d’Klimafro duerch d’Pandémie nach méi akut ginn ass wéi virdrun.

D’Covid-Kris huet de Klimaskeptiker de Beweis ginn, dass dem Mënsch seng exzessiv wirtschaftlech Aktivitéiten de Planéit staark belaaschten.

Mir hunn et all gespuert während dem Confinement. D’Welt huet opgeotemt: Et huet een de bloen Himmel gesinn, déi propper Loft gespuert, anstatt Autoen huet een Villercher an der Staat héieren.

Mir hunn awer och gesinn, wat eng Welt ouni Wuesstum fir eis ëffentlech Finanzen heescht. D'Conclusioun ass also kloer: **mir brauche Wuesstum**, awer een nohaltegen.

Ech soen iech Merci.